Tageblatt
Freitag, 3. April 2009 • Nr. 79

Betr.: Ängschtlech Lieserbréiwer iwwer Schoul, Kanner an Elteren

Marianne,

Dir schéngt ze wëssen, wat richteg a falsch ass. Mäi Respekt. Sou Leit gi gebraucht. Ech hoffen, Dir engagéiert Iech och an eiser Gesellschaft, déi duerch déi „falsch" Politik an eis ënnerfuerdert Kanner d'Baach ageet.

Kann et net sinn, dass Dir e lichte Bloschimmer (Bloe Star) an den Aen hutt an net frou sidd mat de Sozialisten?

„Back" ass net onbedéngt d'Léisung, oder? Geet et net méi ëm „Virukommen", Madame Marianne?

„De Rimm erëm unzéien" kléngt a mengen Oueren no Frontalunterrecht, Diktatur, Verblödung, Ausgrenzung, Streech, Strofen, viurun d'Dier, Retenue etc. Ech spiren et haut nach mat Momenter (an der Nuecht).

Et kléngt och sou, wéi wann Dir keng Kanner méi an der Primärschoul hätt. Et schéngt och sou, wéi wann Dir guer net wéisst, wat haut an de Primärschoulen ofleeft, Dag fir Dag.

„Well mir Elteren dacks méi clever wéi eis Kanner sinn."

Ech hoffen, dass net nëmmen d'Elteren méi „clever" si wéi d'Schoulkanner; hoffentlech ass d'Léierpersonal et och – an d'Educateuren, d'Spezialpädagogen, d'Psychologen etc.

An hoffentlech maachen déi och genuch, fir hire Nervekostüm an der Riicht ze halen! (Konferenzen, Gespréicher, Austausch, Supervisioun!)

Et geet scho laang net méi duer mat engem Schoulmeeschter oder enger Joffer pro Klass. Mir missten haut plazeweis an zäiteweis eng ganz Rei Erwuessener am Klassesall hunn, fir d'Nerven net dropzemaachen.

Dir gleeft net, wéi vill Kanner haut eescht Problemer hunn. An déi entstinn net an der Schoul, Madame! Och net während der Schwangerschaft. Och net an der Maternité, net an der Musiksschoul an och net um Schachtraining oder um Futtballstraining! Dir wësst jo sécher wou! Mee si weise sech an der Schoul an op aner Plazen, well se sech doheem net däerfe weisen, well et do op ville Plazen nach sou ass „à la Rimm" oder well keen „doheem" ass! Verstitt Dir, Madame Marianne!

Do geet et net duer mat „Back to Basics" at mat engem Lach méi am Rimm! Ech denken do éischter un eng Erzéiungspai fir Elteren, déi hir Kanner doheem erzéien; op jidde Fall net un eng Prime (Chèques), wann d'Elteren d'Kanner „ëmsiedelen"! Ech denken och un Eltereschoulen!

„méi Wäert op Titelen ewéi op een anstännegt Grondwëssen leeën".

Wat heescht dat dann? Dat hunn ech awer elo guer net verstan. Mengt Dir vläicht domadder, dass haut nach Leit Schoul halen a guer keng Ausbildung hunn? Kennt Dir z.B. Fraen, déi Léierin sinn a mol kee Secondaire gemaach hunn, wéi dat am Gesetz steet. Ech net. Oder „diplomëiert" Hausfraen, deenen de Plafond doheem op de Kapp gefall ass, an déi „Educatrice" spillen a Foyeren oder ähnlechen „Kannergäert"! Ech net. Wann et där sollte ginn, dann hunn d'Sozialisten déi awer hoffentlech net agestallt ... Vläicht war dat dann éischter „frëndschaftlech", profilneurotesch, geltungsüchteg Gemengepolitik ... (Employée Privée bei der Gemeng?)

Ech gleewen net, dass et sou Fäll ginn. Mol net zu Hannerwäinhouschent oder Uewerbéiderguddelt. Wann natierlech an enger Brauerei oder an enger Fëschbaach villes ausser Kontroll geréit, well vill Leit Leit kennen, déi e kennen oder Famill hei an do hunn ... keng Ahnung. Gott sei Dank kënnt elo endlech e Fuedem an dat Ganzt!

Anscheinend stellt de Staat jo och an Zukunft d'Léierpersonal an, net méi den Hingerbauer Jempi vum Nopeschduerf.

Perfekt ass näischt, Madame.

Duerfir si mir jo och do, fir dat e bëssen ze kontrolléieren.

Dir an ech, z.B. Duerch Lieserbréiwer oder hei e Kräiz, do kee Kräiz ... oder soziaalt Engagement.

Mee vergiesst eppes net, léif Streber-Elteren:

An deenen éischten zwiellef Joer vun engem Mënsch geet et ëm de Mënsch an der Entwécklung – net ëm de Mënsch an der Aarbechtswelt an enger Zukunft, déi kee kennt. Esouguer d'Politiker net!

Pierre Posing